PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 15ten Juni 2004 ass zu Lëtzebuerg gereegelt, wéi d'Sécherheetsstuff vun Dokumenter festgeluecht gëtt an ënnert wéi enge Konditiounen een eng "Habilitation de sécurité" (Security clearance) ka kréien. D'ANS (d'Autorité nationale de Sécurité) ass fir dës Prozeduren zoustänneg. An enger éischter Instanz kritt eng intern Kommissioun vun der ANS den Dossier, déi dann evaluéiert, ob den Demandeur soll dës Habilitation kréien oder eben net. Op Basis vun dësem Dossier hëlt de Staatsminister schlussendlech d'Entscheedung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demande fir déi ënnerschiddlech Niveaue fir eng Habilitation de sécurité goufen an deene leschten 10 Joer ugefrot?
2. A wéi ville Fäll huet ANS een Sécherheetsrisk festgestallt an deemenstpréchent d'intern Kommissioun saiséiert?
3. A wéi ville Fäll huet d'Kommissioun der ANS zougestëmmt an hirem negativen Avis?
4. A wéi ville Fäll huet gouf Demande schlussendlech vum Staatsminister ofgeleent?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député